

Evangelium vum 4. Adventssondeg (Joer A)

Mt 1,18-24

- ¹⁸ Mat dem Jesus Christus senger Gebuert war et esou:
Seng Mamm Maria war dem Jouseph versprach.
Nach éier si zesummegelieft hunn,
huet sech gewisen, datt d'Maria an aneren Ëmstänn war –
vum hellege Geesch.
- ¹⁹ De Jouseph, hire Mann,
dee gerecht war, awer si net bloussstelle wollt,
huet decidéiert, si heemlech fortzeschécken.
- ²⁰ Iwwerdeems hien doriwwer nogeduecht huet,
ass him am Dram en Engel vum Här erschéngen
a sot: "Jouseph, Jong vum David,
fäert net, fir d'Maria, deng Fra, bei dech ze huelen!
Dat Kand, dat si erwaart,
ass nämlech vum hellege Geesch.
- ²¹ Si kritt e Jong,
dee solls du Jesus nennen,
well hien ass deen, deen säi Vollek vun senge Sënne rett."
- ²² All dat hei ass geschitt,
fir datt sech dat erfëlle géif,
wat den Här duerch de Prophéit gesot hat:
- ²³ *Kuck, d'Jongfra kënnt an aner Ëmstänn
a kritt e Jong,
an hie gëtt Emmanuel genannt,*
dat heescht iwwersat: Gott [ass] mat äis.
- ²⁴ Wéi de Jouseph erwächt ass,
huet hien dat gemaach,
wat dem Här säin Engel him opgedroen hat,
an hien huet seng Fra bei sech geholl.

i Is 7,14.